ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

D'Associatioun vun de Studentevertrieder ACEL mécht drop opmierksam, datt eng vun de grousse Banken op der Plaz bei Studenteprêten, nieft de Garantie vum Staat déi vum Gesetz ginn ass, och eng Garantie vun den Eltere verlaangt.

Dowéinst wéilt ech dem Här Héichschoulminister dës Froe stellen:

1) *Kann den Här Minister bestätegen, datt eng oder méi Banken, beim Studenteprêt, eng Garantie / Biergschaft vun den Eltere verlaangen?*

Wa jo:

2) *Deelt den Här Minister d'Meenung, datt d'Garantie vum Staat duergeet, an datt d'Elteren net musse beim Studenteprêt Bierg sinn?*
3) *Wéi eng Schrëtt wëll d'Regierung bei de betraffe Banken ënnerhuelen, fir datt des mat esou enger Praxis ophalen?*

Mat déiwem Respekt

Roy Reding

Deputéierten